ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Laut Informatiounen aus der internationaler Press schéngt Lëtzebuerg zu engem Grupp vun aacht europäesche Länner ze gehéieren, déi vum Staat Israel fuerdere fir Suen zréck ze kréien, fir Infrastrukturen déi vun der EU bezuelt goufen awer vum Staat Israel ofgerappt respektiv konfiskéiert goufen. Dëst well dës Infrastrukturen net no de rechtleche Reegele vum "Oslo 2 Ofkommes" an deem sougenannten « Gebitt C » (Area C) am Westjordanland opgeriicht goufen.

An deem Zesummenhang wollt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:

1) *Fuerdert Lëtzebuerg, zesumme mat anere Staaten, de Remboursement vun Israel vun Infrastrukturen déi Israel am Gebitt C (nom Oslo 2 Ofkommes) am Westjordanland ofgerappt oder konfiskéiert huet? Wa jo, firwat, a wéi enger Héicht an opgrond vu wéi enger rechtlecher Basis?*

2) *Wéi eng Infrastrukturen si genee viséiert? Goufen déi vun der EU finanzéiert oder vun deenen aacht Staaten? Wann si vun der EU finanzéiert goufen, gëtt et dann dozou eng gemeinsam Positioun vun der EU ? Wann et keng gemeinsam Positioun vun der EU gëtt, an déi viséiert Infrastrukture vun der EU finanzéiert goufen, opgrond vu wéi enger rechtlecher Basis wëllen déi aacht Staaten dann elo e Remboursement ? Betrëfft dee Remboursement just hire proportionalen Undeel ?*

3) *Wéi steet Lëtzebuerg zum Oslo 2 Ofkommes? Ass Lëtzebuerg där Meenung, datt dat Ofkommes soll weider applizéiert ginn? Wann dat net de Fall ass, besteet dann net de Risiko vun engem Opflame vu méi grousse Spannungen am Westjordanland?*

4) *Wëll Lëtzebuerg déi Prozedure wéi si am Oslo 2 Ofkommes virgesi sinn – inklusiv dem Recht vun den israeleschen Autoritéite fir an dem Gebitt C eng Bauerlaabnis ze ginn oder net – a Fro stellen? Wann net, ass Lëtzebuerg der Meenung, datt eng illegal Konstruktioun – nom Recht vun Oslo 2- awer muss toleréiert ginn? Wa jo, firwat? Géing esou e Prinzip net rechtsstaatlech Prinzipien a Fro stellen?*

5) *Ass d'Regierung sech bewosst, datt nëmmen e klengen Deel vun den Demolitiounsuerteeler vun der israelescher Justiz am Gebitt C och effektiv ausgeféiert ginn? Wär et net méi sënnvoll, amplaz Remboursementer ze froen, op déi israelesch Autoritéiten anzewierke fir, esou wäit sécherheetspolitesch vertrietbar, méi grousszügeg mat de Bauerlaabnissen am Gebitt C ze sinn, de Präis fir eng Bauerlaabnis ze reduzéieren oder Demolitiounsuerteeler nach manner dacks auszeféieren, souwäit dat méiglech ass?*

6) *Wéi jugéiert d'Regierung d'Auswierkung vun esou symboleschen, politeschen Aktiounen op d'Relatiounen tëschent Lëtzebuerg an Israel? Wat sinn d'Implikatiounen op d'Relatiounen tëschent der EU an Israel? Ass d'Regierung sech der Gefor bewosst, datt déi fragil Situatioun am Westjordanland duerch eesäiteg politesch Aktioune vum Ausland kann destabiliséiert ginn?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten